Am Kader vun der Matinée d'Entreprise fir all 4ièmes Klassen, haten d'Schüler vum Michel Rodange d´Méiglechkeet, eng Visite bei enger Entreprise ze maachen. Eise Grupp hat sech fir d'Bourse de Luxembourg entscheet, op déi mer vun zwee Enseignantë begleet goufen. Ukomm, krute mir eng Präsentatioun vun der Bourse an hirem Fonctionnement gemaach an du goufen eis noenee verschidde Mataarbechter virgestallt. Déi hunn erkläert wat hire Rôle ass a wat genau si maachen. Künstlech Intelligenz ass hei och thematiséiert ginn an soll zukünfteg e wichtegen Tool duerchstelle bei ekonomesche Prozesser, kengesfalls awer de Mënsch ersetzen. Besonnesch flott war de Moment wou eis Grupp eng Gruppefoto virun der ursprünglecher Dier vun der Bourse gemaach hunn, déi sech elo och am neie Gebai befënnt an eng Aart Artefakt aus alen Zäiten ass. Zum Schluss duerfte mer d' Trading Hall kucke goe wou d'Transaktioune vun den Aktie gemaach ginn, dat ass mëttlerweil nëmmen nach iwwer Computere gesteiert, net esou wei een et aus amerikanesche Filmer kennt. Den Ausfluch huet e gudden Abléck an déi verschidden Zweigen vun der Aarbecht op der Bourse erméiglecht a war immens interessant.

Jaspar